



Luxembourg, le 20 AVR. 2021

Réf. : 837xcd041

La Ministre de la Culture

à

Monsieur le Ministre aux Relations avec le  
Parlement

Objet : Réponse à la question parlementaire n° 3806 du 9 mars 2021 de Monsieur le Député André  
Bauler

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire n° 3806 du 9  
mars 2021 de Monsieur le Député André Bauler au sujet des cloches d'église, avec prière de bien  
vouloir la continuer à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Sam Tanson  
Ministre de la Culture

---

Annexe : réponse à la QP n° 3806

**Äntwert vun der Kulturministesch Sam op déi parlamentaresch Fro n° 3806 vum 9. Mäerz 2021  
vum Här Deputéierten André Bauler**

Den honorabelen Deputéierte saiséiert mech mat enger Fro iwwert d'Klacke vu Lëtzebuerg. An deem Kontext sief op dem Här Ferdy Reiff seng zwee Bänner *Glockenklänge der Heimat, historische Inventarisatioun aller in Luxemburg erhaltenen Glocken seit 1240* ze verweisen, déi 1998 an 1999 vum Kulturministère editéiert goufen, an déi di historesch relevant Klacke vum Land repertoriéieren.

D'Klacke ginn ëmmer automatesch mam Gebai geschützt, dat well se juristesch als immeuble par destination ugesi ginn. Sou sinn am Moment d'Klacke vun 216 Kierchen a Kapelle national protegéiert. Och wann eng Kierch entweid gëtt, bléift se mat hire Klacke geschützt.

Den Denkmalwäert vun enger Kierch an hire Klacke gëtt vum Service des sites et monuments nationaux analyséiert a beschriwwen.

D'Laude vun de Kiercheklacken entsprécht sonner Zweiwel der UNESCO-Definitioun vum immaterielle Kulturierwen (IKI): vu Generatioun zu Generatioun weiderverierft a weiderentwéckelt, gëtt d'Laude vun de Kiercheklacken de Leit e Gefill vun Identitéit a Kontinuitéit am Respekt vun der kultureller Vielfalt an der mënschlecher Kreativitéit. D'Laude vun de Kiercheklacken huet dobäi en eegestännege soziokulturelle Wäert, deen iwwert dat rengt Kultescht erausgeet an och onofhängeg dovunner derwäert ass weidergefouert ze ginn.

Fir op den Inventar vum immaterielle Kulturierwen zu Lëtzebuerg kënnen opgeholl ze ginn, brauch et eng entspriechend Ufro vun de sougenannten Trägergemeinschaften, also deene Leit, déi d'Laude vun de Kiercheklacken als hiert liewegt Kulturierwen ugesinn a wieder erhale wëllen: an éischer Linn also de Proprietären bzw. de Locataire vun de Kierchegebäier wou d'Klacken dran hänken.

Dobäi sief betount, datt d'Aschreiwe vun engem liewege Gebrauch op de nationalen Inventar vum immaterielle Kulturierwe kee Schutz am juristesche Sënn vum Wuert duerstellt: och wann d'Laude vun de Kiercheklacken no Ufro vun den Trägergemeinschaften op de nationalen IKI-Inventar géing kënnen opgeholl ginn, géing doduercher keng gesetzlech Verpflichtung fir si entstoen, dann och effektiv herno d'Kiercheklacken mussen ze lauden. Et kënnt also a leschter Instanz op d'Versteesdemech an de gudde Wëlle vun de Verantwortlechen un, fir d'Kiercheklacke weider lauden ze loossen.